Randschelter Adventsmaart 2018 Wat bréngе mer mat?

Léif Aussteller,

hei eng Lëscht mat e puer méi spezifesche Saachen, déi een am beschte mat op Randschelt sollt bréngen, fir dass um Stand alles optimal klappt:

- **Eppes fir den Dësch/de Stand/d'Zelt ze kaléieren**:

  Randschelt ass schief a kromm, an dat quasi iwwerall. Vill Deeler vum Duerf hu Pavé um Budem a sinn an enger Pente. Dofir ass et ëmmer sënnvoll, sëch Brieder oder anert Material matzebréngen, fir déi Penten e bëssen auszegläichen.

- **Gasheizungen**

  Op engem kalen Adventsmaart ass et oft hëllefräich, sëch eng kleng Gasheizung oder ee Gas-Heizpilz matzebréngen. **Wichteg: privat, elektresch Heizunge si nit erlabt !** Si friessen immens vill Stroum an doduerch fléien eis d'Sëcherunge regelméisseg ëm d'Oueren. Mir kënnen do och leider keng Ausnahme maachen.

- **Raclette / Plastik fir iwwer de Verkafsdësch**

  An de leschte Joere koum et alt vir, dass de Plastik vun den Zelter iwwer Nuecht gefruer ass. Wann en dann den aneren Dag nees entdeet, dann drëpst et eng Zäit lang vum Plafong erof. Dësst ass oft de Fall am Nomëtten, subal d'Heizpilzen ugemaach ginn.
  Do ass et sënnvoll eng Raclette ze hunn, fir d'Kondenswaasser vum Plafong iwwer dem Stand ofzezéien, an de Stand während där Zäit mat Plastik ofzedecken. Subal d'Zelt waarm genuch ass drëpst et nit méi.

- **Verlängerung oder Kabeltrommel**

  Bis bei déi nächst Steckdous sinn et oft e puer Meter. Dofir ass et ëmmer sënnvoll Verlängerungen oder eng Kabeltrommel derbäizehunn.

- **Pabeier an Dekoratioun fir op den Dësch**

  All Stand ass fir séng jeweileg Dekoratioun a Gestaltung selwer zoustänneg.

Bis de 08.12.2018 mir freeën eis!

D'Equipe vun der Wahler Aktiounsschmëtt